N° 8385
Entrée le 27.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'dréngend parlamentaresch Fro n° 8385 vum 19. Oktober 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz.**

*Ass et richteg, datt momentan net genuch Dose fir all Pediater disponibel sinn? Firwat gëtt sech an deem Kontext net un d'Recommandatioune vum Conseil supérieur des maladies infectieuses gehalen ?Am Fall vun enger Infektioun vun engem Puppelche, deen net konnt geimpft ginn, wat vir Precautiounen huet de Gesondheetsministère geholl, fir aner Kanner an de Crèchen ze schützen ?*

Gemäss de Recommandatiounen vum Conseil Supérieur des maladies infectieuses, gouf den Elteren vu Puppelcher, déi tëscht Januar 2023 a September 2023 op d'Welt komm sinn, eng Impfung beim Pédiater proposéiert an 80% vun den Elteren hunn op dës Impfstoffer zeréckgegraff, wat ongeféier 4.000 Gebuerten representéiert. Déi Puppelcher, déi tëschent Oktober 2023 a Mäerz 2024 op d'Welt kommen, kënnen direkt an der Maternité geimpft ginn. Bis elo sinn ronn 80% vun de Puppelcher op déi Manéier geimpft ginn. Dëst entsprécht ongeféier 2.600 Gebuerten.

Fir d'Saison 2023-2024 sinn am Ganzen 14.200 Dosen bestallt ginn, dovun 8.000 Dosen fir 2023 an 6.200 Dosen fir 2024. Vun der 1. Liwwerung den 21. September sinn 4.500 Dosen betraff a bei der 2. Liwwerung den 20. Oktober nach emol 300 Dosen. Eng weider Liwwerung vun 3.200 Dosen ass fir den November geplangt.

Well déi éischt Bestellungen vun de Pédiatren iwwert den deemools disponibele Stock erausgaange sinn, ass eng Ëmverdeelung virgeholl ginn tëschent den Dosen déi de Maternitéë zur Verfügung gestallt goufen an dem disponibele Stock fir d'Pédiatren an anerersäits sinn d'Bestellungen op 5 Dosen pro Pédiater limitéiert ginn. Op déi Manéier konnt deem temporairen Enkpass entgéintgewierkt ginn a mëttlerweil kënnen d'Pédiatren och rëm weider Dosen bestellen.

Lëtzebuerg, den 26. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert